# NEI CHANCEN.
# ZESUMME PLANGEN.
# BESSER LIEWEN.

## E BUDGET VUN ÉISCHTE SCHRËTT.

Erklärungen vum Buergermeeschter Laurent Zeimet zum Budget 2012.

Mir wëllen déi nei Chancen déi sech fir eis Gemeng bidden notzen. Mir wëllen zesummen eis Zukunft plangen mam Objectif alle Matbierger e bessert Liewen z'erméiglechen.

An dësem Sënn hu mer eisen éischten Budget geschriwwen.

D'Prinzipien vun eiser Finanzpolitik hate mer an eiser Erklärung virun zwou Wochen virgestallt. Si ass fir eis e Bestanddeel vun enger nohalteger Politik.

Mir wëllen eis Gemeng no eiser Zäit e Stéck besser verloossen wéi mer se virfonnt hunn.

Mir wëllen eis un eng strikt Budgetsdisziplin halen. A verlaangen vun eisen Servicer Rigueur bei der Opstellung an der Exekutioun vun hirem Budget.

Mir wëllen eis Finanzen virsiichteg an zilorientéiert iwwer méi Joeren plangen. Nei Scholden nëmme fir Projeten ophuelen, vun deenen och eis Kanner spéider nach profitéieren. Dofir och bei Investitiounen déi laangfristeg Käschten bedenken.

Dëse Schäfferot ass den 14. November vereedegt ginn. Mir hunn den 25. November eis Schäfferotserklärung virgeluecht a stellen haut eisen éischten Budget vir.

Et ass mat Sécherheet e Budget vum Iwwergang. E Budget an deem sech och déi fréier Majoritéit nach misst erëmerkennen.

Et ass e Budget vun éischten Schrëtt fir de Programm vun der Koalitioun ze konkretiséieren.

D'Ëmfeld an deem mer eisen éischten Budget opstellen ass keen einfacht.

Déi wirtschaftlech Prognosen sinn instabil. De Stuerm ëm eis Währung huet sech nach net geluecht. D'Finanzen vum Staat an domat och d'Finanzen vun de Gemengen stinn wuel virun enger Erausfuerderung.

Dës Woch hunn Mataarbechter vun ArcelorMittal fir d'Erhalen vun hirer Aarbecht demonstréiert. D'Krise oder eng stänneg Angscht virun der Krise an hire Konsequenzen däerfen d'Politik net erschrecken.

Mir kennen eis net verstoppen. Mir mussen eis Verantwortung iwwerhuelen. Angscht hunn ass keng Optioun.

Eis an der Gemeng fält dobäi och d'Aufgab zou - bei alle Schwieregkeeten – dofir ze suergen, datt d'Leit déi bei eis wunnen zesummenhalen an déi Matbierger, déi Hëllef brauchen fir d'Liewen ze meeschteren, déi Hëllef och kënne kréien.

An de leschten Joer sinn Efforte gemaach ginn. D'Matgefill an d'Engagement am soziale Beräich wëlle mir sécher net briechen mä weider ënnerstëtzen.

E Budget setzt sech aus villen Zuelen zesummen. Hanner dëse villen Zuelen verstoppe sech awer net nëmmen Etuden, Steng, Makadamm a Ween. Mä un éischter Plaz a virun allem Mënschen.

Wéi mer déi Suen, déi eis am nächste Joer zur Verfügung stinn wëllen am Sënn vun eis all an am Respekt vun eisem Engagement wëllen asetzen, wëll ech lech dann elo am Numm vum Schäfferot duerleeën.

## Eis Recetten stagnéieren

Fir d'éischt e Bléck op eis Recetten. Recetten op déi eisen Afloss geréng ass. Mä wou mer lech invitéieren eng wichteg Decisioun ze huelen.

Wéi an de leschte Joer entwéckelt sech och 2012 d'Dotatioun aus dem Fonds commun weider zur éischter Quelle vun eisen Recetten. Wéi vun der Regierung matgedeelt schloe mer Dotatioun mat 14,5 Milliounen Euro un.

D'Gewerbesteier ass mat ronn 9 Milliounen Euro am Budget agedroen.

D'Grondsteier fält dogéint mat 490.000 Euro weider kaum an d'Gewiicht.

Insgesamt stagnéieren eis ordinaire Recetten bei ronn 33 Milliounen Euro.

## Bautaxe vu 6000 Euro gëtt ofgeschaft

Bei den extraordinairen Recetten proposéiere mir lech wéi annoncéiert, déi Bautaxe, déi 2008 an Héicht vu 6000 Euro op all neiem Wunnraum agefouert gouf, ofzeschafen.

Dës Taxe gouf deemools als „Entréesticket" an eis Gemeng virgestallt. Sou eng héich, forfaitaire Bautaxe op neiem Wunnraum ass awer net sozial. A wat net sozial ass, kann och net gutt sinn. Si war net fair géint iwwer jonke Leit déi sech an eiser Gemeng wollten e neit Doheem schaffen a si huet an Zäiten vun héijen Immobilienpräisser och keen Sënn gemat.

D'Servicer schätzen dat 2011 nach eng 504.000 Euro iwwer dëse Wee an d'Kees vun der Gemeng kommen. Domat géif dës Recette awer wäit ënner der optimistescher Aschätzung vun eisen Virgänger leien, déi mat enger Recette vu ronn 1,3 Milliounen Euro gerechent haten. An dësem Budget ass keng Bautaxe-Recette méi virgesinn. Nächst Woch invitéiere mer dofir de Gemengerot d'Bautaxe vun 2008 erëm ofzeschafen.

Dëse Schäfferot mécht sech natierlech Gedanken, wei mer eis Recetten kenne stabiliséieren.

Eng Piste ass sécher sech z'iwwerleeën wei mer géint Immobilienspekulatioun an d'virsätzlech Verfalleloossen vun Immobilien kenne virgoen. Eng aner wär sech eng Upassung vun der Grondsteier z'iwwerleen.

De Schäfferot well dofir d'Finanzkommissioun invitéieren, dëse Pisten nozegoen a Proposen auszeschaffen.

Iech wäert weider bei der Lecture net entgoen, dat den Emprunt vun 5 Milliounen Euro am Budget rectifié steet, deen eis Virgänger fir d'Investitiounen an de Schoulraum virgesinn haten.

Mat deene Suen déi mer vum Steierzueler uvertraut kréien musse mer verantwortlech ëmgoen. Bescht méiglech Servicer garantéieren, a fir d'Zukunft investéieren.

## An d'Zukunft investéieren

Eis ordinaire Dépensen klammen ëm 5,8 Prozent.

Mir hunn eng Indextranche ageplangt, wat en Deel vun dëser Hausse séier erklärt.

Dësem Schäfferot war et an der kuerzer Zäit net méiglech den ordinaire Budget am Detail op Spuerpotential hin ze duerchkämmen. All Dépense op Sënn an Zweck an all Kredit op seng realistesch Aschätzung hin z'iwwerpréiwen. Do wou mer et konnte maachen, hu mer et gemat.

De Kredit fir de Schäfferot geet erof. D'Krediter fir Publicitéit a Festlechkeeten ginn och méi bescheiden. Eng nei Bescheidenheet, déi mer eis bewosst operluecht hunn, well mer der Meenung sinn, dat de Schäfferot mam gudde Beispill muss virgoen.

Do wou mer spueren, spuere mer net aus Spaass un der Freed mä fir Suen fir aner Zieler fräi ze kréien, fir eis lues awer sécher méi Handlungsspillraum fir déi nächst Joer z'erschaffen.

E strukturelle Problem kann een net am Hauruck-Verfahren léisen. Dee brauch Zäit a Gedold, déi mir eis selwer an eisen Servicer wëllen zougestoen.

Mir briechen awer virun allem am extraordinairen Dépense-Budget mat enger Traditioun vun eise Virgänger, fir hire Joresprogramm kënschtlech opzeblosen.

Mir hunn net alles wat Wënschenswäert ass an eise Budget opgeholl, mä dat wou mer no eisem Kenntnisstand vun haut der Meenung sinn, dat et néideg ass, a mir hu Krediter agesat wou et no Aschätzung vun de Servicer realistesch ass, dat mer se innerhalb vun dësem Exercice och verschafft kréien.

D'Koalitioun ass gewëllt e Finanzplang iwwer d'Mandatsperiod virzehuelen an dës natierlech och dem Gemengerot ze presentéieren.

Aus eiser Schäfferotserklärung erginn sech nei Akzenter déi mir an dësem Budget setzen.

## Nei Akzenter setzen

De PAG genéisst Prioritéit a soll 2012 entscheedend virugedriwwe ginn, dofir sinn mat 160. 000 Euro déi néideg Krediter virgesinn.

Am Beräich Verkéier gesi mer eng 250.000 Euro vir, fir d'Aféierung vun Tempo 30 Zonen kënnen an d'Weeër ze leeden.

Fir d'Parkingssituatioun an der Gemeng an de Grëff ze kréien, gi mer eis Mëttel (80.000 Euro) fir e schlëssegt Konzept auszeschaffen an dat selwecht gëllt mat 100.000 Euro fir déi proposéiert Testphase vun engem City-Bus.

Dës Koalitioun setzt verstäerkt op d'Integratiounskraft vun eise Veräiner.

Och war mir e neit Reglement fir Verdeelung wëllen ausschaffen, heescht dat net, dat d'Ënnerstëtzung un d'Veräiner soll zeréckgefuer ginn. Au contraire, dës Montants bleiwen intouchéiert.

Fir eng Infrastruktur fir ëffentlech Fester am Parc Jacquinot ze plangen gesi mir éischt Krediter (50.000 Euro) vir a mir wëllen och mat de Veräiner zesummen eng Installatioun fir d'Publicitéit vu Manifestatiounen an e virtuelle Reider op d'Been stellen (50.000 Euro).

A gesinn fir eng Fitnessplaz fir Senioren ze plangen (50.000 Euro) déi natierlech op bestoend Besoins muss ausgeriicht ginn.

## Eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit

Dëse Budget gesäit Krediter vir, fir:

- d'Sanéierung vum Mosselter (75.000 Euro)
- eng Planung vun engem Réaméngagement vun de Stroossen Biever, Verger, Dupong verbonne mat engem Konzept fir eng Sanéierung vum ganze Quartier.
- eng Planung vum Réaménagement vun der Place de la Gare zu Näerzeng an d'Ausschaffe vun engem urbanistesche Konzept fir Hunchereng mat am Mëttelpunkt dem Site Bredimus.

Zur Verschéinerung vun eisen Uertschaften an zum Erhale vun eisem Partrimoine gehéiert dann och déi laang versprachen Sanéierung vun der Kierfechtsmauer zu Fenneng (150.000 Euro).

Fir déi energetesch Sanéierung vun den ëffentlech Gebaier sënnvoll virzehuelen gi mer eis déi néideg Krediter fir eng Bestandsopnam. Déi sech net zu Lescht op d'Sportshal an d'Schoul am Duerf konzentréiert.

## Eng responsabel Kontinuitéit

Dëst ass en Iwwergangsbudget a mir hate an der Schäfferotserklärung gesot, dat mer Kontinuitéit assuréieren wou Konsens bestoung oder wou et net am Interêt vun der Gemeng géing léien, de Réckgang anzeleeën.

Déi grouss Projeten, déi an der vergaangener Mandatsperiod ugefaang goufen, ginn dofir zu Enn gefouert:

- Ausbau vun der Reebousschoul (1,5 Milliounen Euro) an den domat verbonnenen Réaménagement vun der Rue Marie-Therèse.
- Bau vun enger Hall fir den HSV (weider 135.000 Euro)
- Och de Projet Krakelshaf gëtt net komplett fallegeloos. Och wann ët zu der enger oder aner Upassung komme kann.

Dëst heescht net a sollt och net esou interpretéiert ginn, wei wann déi eng oder aner Koalitiounspartei hir Aschätzung zu Ierfschaftsprojeten geännert hätt. Eng Ierfschaft kann een ausschloen. Eng politesch Ierfschaft dréit een. Am Sënn an am Interêt vun der Gemeng.

Net ëmstridden waren all Efforte fir eise Waasser- a Kanalisatiounssystem ze verbesseren. Lafend Projeten wei d'Instandsetzung vum Waassertuerm zu Näerzeng ginn virugefouert. Dat selwescht gellt fir d'Bassins de rétention. Mir gesinn nei Krediter vir, fir eist Waassernetz au besoin an en concordance mat der Evolutioun vum Glasfaser-Chantier vun der Poste z'erneieren.

Och de Projet fir Sozialwunnechten op Nummer 6 an der Rue Collart z'installéieren, ass net a Fro gestallt.

Fir eise Servicer optimal Aarbechtbedingungen ze garantéieren well de Schäfferot de Projet Nei Regiehall an och d'Iddi vun engem neien administrativen Gebai niewent dem Schlass weider préiwen. Hei loung keen fäerdege Projet am Tirang a dofir wëll de neie Schäfferot senger an virun allem de Servicer hirer Fantasie an dësen zwee Punkten keng iwwereileg Grenzen setzen.

## Keng Angscht virun Decisiounen

Ech gi gären zou, d'Wierder plangen, préiwen, analyséieren, diskutéieren sinn bis elo dacks virkomm. Dat ass och gewollt. Et gëtt e Joer vun der Diskussioun fir déi kommend Joer ze preparéieren. Eng Diskussioun setzt kloer Informatiounen a Fakten viraus.

No enger Diskussioun kennt awer och de  Moment vun der Decisioun. Dëse Schäfferot an dës Koalitioun fäerten dee Moment net.

Plangen an analyséieren an préiwen setzt awer och viraus, dat Servicer esou opgestallt sinn, dat se den Aufgaben kennen gerecht ginn.

Dofir confirméiere mir Decisioun de Service technique duerch en Ingenieur fir Waasser ze verstäerken. Mir komplettéieren dës Verstäerkung awer duerch en zousätzleche Posten fir en Ingénieur technicien, deen an éischter Linn soll eng Surveillance vun de Chantieren assuréieren.

D'Equipe vun der Gemeng gëtt am Januar duerch e weideren Ingenieur fir d'Informatik verstäerkt an och d'Astellung vun engem Ingenieur fir d'Sécherheet kenne mer eis virstellen.

## Respekt a Sécherheet

D'Koalitioun gesäit awer weider och vir, de Posten vun engem Agent communal ze schaffen, deen op eng frëndlech Art a Weis soll dofir suergen, datt mer eis alleguer un d'Reglementer halen.

Fir eis Rettungsdéngschter an hirem Engagement z'ënnerstëtzen a fir dofir ze suergen dat se hiren Aufgaben weider kennen professionnell nokommen, gesäit de Schäfferot d'Uschafung vun engem GWL 2 vir an huet weiderem Schutzmaterial zougestëmmt.

Ech hunn am Ufank gesot et geet am Budget ëm Mënschen och hei geet et ëm Mënschen. Dachs ëm d'Liewen vu Mënschen.

Mir gesinn 1 Prozent vun den ordinaire Recetten vir, fir Hëllefsprojeten heiheem a fir a Géigenden wou et Leit nach méi schlecht geet. Domat klemmt de Montant fir Hëllef an der Drëtter Welt vun 100.000 op 300.000 Euro.

Mir wëllen awer och virsuergen a gesinn dofir schonns eng Dotatioun vun 500.000 Euro an d'Reserve vun der Gemeng am Budget initial vir.